
# d'Peffermillen




De Koschter hat sech an der vireger Nummer driwwer opgereegt, dass eng Rëtsch Staatsbeamte nët wollten u sénger Ëmfro deelhuelen, well se da Problemer matt hirem politesche Chef kréichen. Bei selbstännegen Entreprisen schéngt déi Gefor naåΩch vill méi grouss. De Koschter ass elo gewuer gin, dass fräi Bierger, die am Beräich vun Enquêten a Berodung schaffen, vun engem Ministär en Opdrag gestrach kruten, well se gewot haten, eng ASTI-Pétitioun zum Thema Asylpolitik z'ënnerschreiwen. Sou verstinn ons demokratesch gewielte Ministeren a Ministerinnen hiren Ëmgank matt der Meenungsfräiheet.

**m.p.**